LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5147 vum 25. Oktober 2021 vum honorabelen Députéierten Här Sven Clement.**

1. *Wei héisch ass de momentane Stock un medezineschem Cannabis mat 10% THC an 10% CBD Gehalt?*

Den 28. Oktober 2021 huet Lëtzebuerg 900 Tuten *Tilray THC9:CBD9 No.1 à 15g* kritt. Dat entsprécht 13,5 kg. Um 17. November 2021 waren nach 310 Päck beim Grossist am Stock.

2. *Wei héisch ass de momentane Stock un medezineschem Cannabis mat 18% THC a manner wéi 1% CBD Gehalt?*

Et gëtt zur Zäit keng Cannabis-Bléien mat 18% THC. E Qualitéitsproblem an der Produktioun vun den THC18 Cannabis-Bléien op der Säit vum Produzent huet dozou geféiert.

3. *Fir wéini ass déi nächst Liwwerung vu medezineschem Cannabis geplangt?*

Déi nächst Liwwerung vu medezineschem Cannabis ass fir Dezember 2021 geplangt.

4. *Wäert d'Regierung ee méi héije Budget fir den Akaf vu medezineschem Cannabis fir 2022 ufroen, fir esou Penurien an Zukunft ze verhënneren?*

D'Pénurien si nët op en Budgetsmangel zeréckzeféieren, mee léien eleng un de Liwerungsproblemer vun de Säiten vum Cannabis-Produzent.

De Budget kann am Budget de l'Etat 2022 nogekuckt ginn.

Projet de budget 2022_VOL1_WEB.pdf (public.lu)

5. *Wat fir Quantitéite plangt d'Ministesch fir 2022 anzekafen?*

Den Gesondheetsministère orientéiert sech um Verbrauch vum Terrain fir eventuell aner Quantitéiten anzekaafen.

6. *An der Äntwert op parlamentaresch Fro n°4556 hat d'Ministesch erkläert, dass beim neie Fournisseur och Cannabis-Ueleg bestallt soll ginn.*

> "Schlussendlech kann een nach erwänen datt mat dësem neien Marché deen elo attribuéiert gouf, et och fir déi éischt Kéier méiglech wäert sinn konformen Cannabis Ueleg ze sécheren. Dësen Ueleg stëllt virun allem eng Plus value duer wëll dësen méi einfach an der Therapie agesat kann ginn an dofir och vill méi einfach ze handhaben ass."

An der Äntwert op d'Fro n°4797 gouf de Cannabis-Ueleg awer net méi erwäänt.
Huet de Ministère scho Cannabis Ueleg akaaft?
Wa jo, wéi vill Ueleg gouf fir 2021 kaaft a wéi vill ass fir 2022 virgesinn?
Wa nee, firwat net?

Jo, de Ministère huet eng éischt Liwwerung un Cannabis Ueleg Ufank November kritt.

An dëser Liwwerung waren folgend Produkter dran:

- 100 Fläschen Cannabis Ueleg THC10%/CBD10% 25ml
- 100 Fläschen Cannabis Ueleg THC25% 25ml
- 50 Fläschen Cannabis Ueleg THC5%/CBD20% 40ml

Lëtzebuerg, den 22. November 2021

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert